LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Kulturminister, Eric Thill, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3410 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. Wéi vill Leit hunn sech zënter dem Start am Joer 2022 op der Plattform LLO.lu agedroen, a wéi vill Notzer sinn aktuell aktiv?

   Zanter d'Plattform LLO.lu am Joer 2022 lancéiert gouf, hu sech 114.995 Persounen aus 190 verschidde Länner op der Plattform ageschriwwen. Aktuell sinn 38.848 Notzer aktiv.

2. Wéi verdeelen sech d'Umeldungen op déi verschidde Coursniveauen (A1, A2, B1, B2)?

   Wann ee sech fir d'éischt Kéier umellt, kritt een en Astufungstest ugebueden. Dësen Test erméiglecht engem et, den aktuellen Niveau am Lëtzebuergesche festzestellen. Et muss een dësen Test net onbedéngt maachen, fir de Contenu fräizeschalten, et kann ee säin Niveau och selwer bestëmmen, wann ee wëll. Et huet een nodréiglech ëmmer nach d'Méiglechkeet, op den Astufungstest zeréckzekommen.

   Op der Léierplattform huet een d'Méiglechkeet, entweder d'Coursen een nom aneren an der logescher Reiefolleg ze suivéieren, oder et kann een iwwert d'Rubrik „All Lektiounen“ geziilt an individuell de Vocabulaire zu verschidde Sujeten oder verschidde Punkte vun der Grammaire ausschaffen.

   102.093 Leit waren zanter dem Ufank vum Lancement aktiv, opgedeelt op follgend Niveauen:

   - A1: 18.751
   - A1: 54.893
   - A2: 14.883
   - B1: 5.331
   - B2: 3.128
   - Nach keen Niveau ugefaangen: 5.107
   - All d'Niveauen ofgeschloss hunn: 1.395

3. Wéi vill Participanten hunn zënter 2022 déi verschidde Coursniveauen mat Succès ofgeschloss? Wéi héich ass den Erfollegstaux pro Niveau?

   Et ass net méiglech ze gesinn, wéi vill Participanten déi verschidde Coursniveaue mat Succès ofgeschloss hunn. All Participant ka fräi duerch d'Coursen an d'Rubricken navigéieren. Déi verschidden Niveaue mussen net ofgeschloss ginn.

4. Wéi bewäert de Ministère den Erfolleg vun dëser Initiativ a wéi eng Moossnamen si geplangt fir d'Offer nach weider ze verbesseren?

   Iwwert déi puer Joer ass d'Unzuel vun den Aschreiwungen ëmmer weider geklommen, wat weist, wéi vill Succès d'Plattform huet, a wéi vill Leit Interessi um autonome Léiere vum Lëtzebuergeschen hunn.

D’LLO-Plattform ass kontinuéierlech adaptéiert an ausgebaut ginn. Duerch de groussen Interessi krut d’Plattform am Juli 2025 och den Niveau A1- bäi, deen sech mat sengen 30 exklusive Vokabelslektiounen u komplett Ufänger riicht.

2026 kennt eng iwwerschaffte Versioun vun der Plattform eraus mat adaptéiertem Contenu a nach méi interaktiven Exercicen.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH